Nascht fir Insekten [1]

Insekte freeën sech iwwert en passend Nascht. Andeem s du d'Dous schéin dekoréiers, kann d'Nascht souguer eng Dekoratioun sinn.

Material fir ee Nascht:

- 1 Blechdous
- faarweg Woll
- Schéier
- 6 Holzperlen
- Filz fir d'Aen (z.B wäiss a schwaarz)
- Koll
- Hummer
- Nol
- Drot
- Fëllmaterial (zum Beispill Bambusstaang, Rouleauen aus Wellpappe, Holzwoll, Stréi, dënn Zweig)

Oflaf:

1: Huel d'Woll an ëmwéckel d'Dous domat. Wann s du d'Faarf wëlls wiesselen, schneit de Wollfuedem of a knäpp eng aner Faarf un de Schluss vum Fuedem. Wann s du fäerdeg bass, maache Knuet un de Schluss vum leschte Fuedem.

2: Stréck sechs gläich laang Fiedem un de Buedem vun der Dous – dat ginn d'Been vum Insekt.

[1] Retriewed on 23.3.2020 from: https://m.geo.de/geolino/basteln/21688-rtkl-bunte-nisthilfen-wir-bauen-insekten-dosen

3: Maach un all Enn vun de Fiedem en Holzperl un. Mat engem decke Knuet, bleiwen d'Perlen och op hirer Plaz.

4: Schneit zwou grouss wäiss an zwee kléng schwaarz Kreesser aus dem Fils. Päsch déi schwaarz Kreesser op déi wäiss. Déi fäerdeg Ae kanns du da lénks a riets op d'Dous pechen.

5: Maach mam Hummer a mam Nol Lächer an de Buedem vun der Dous.

6: Zéi e Stéck Drot duerch e Lach an d'Dous duerch fir d'Nascht kënnen opzehänken. Verdréin de Schluss vun den zwee Ënner vum Drot mateneen.

7: Du kanns elo d'Fëllmaterial an Dous stiechen. Sich elo eng geschützte Plaz am Gaart oder um Balcon. Elo kënnen déi éischt kléng Bewunner an hiert neit Doheem plënneren.